ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 4. Januar 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

A leschter Zäit kommen ëmmer méi Elektroautoen op de Maart, wat jo och vun der Regierung propagéiert gëtt. D'Opluede vun den Auto-Batterië brauch awer vill Stroum. D'E-Autoe kënnen nëmme sënnvoll genotzt ginn, wa si mat engem „Schnelllader" opgeluede ginn. Déi Apparater, déi mat Gläichstroum schaffen, hunn awer en héige Stroumverbrauch (eenzel Quelle schwätzen dervun, datt 2 bis 3 Stonne Lueden esouvill Stroum brauch wéi sechs Eefamilljenhaiser pro Dag) a sinn entspriechend deier.

Duerfir wëll ech dës Froen un den Här Energieminister riichten:

1. Hunn déi jeeweileg Stroumnetzer hei am Land genuch Kapassitéit, fir der zousätzlecher Nofro duerch d'Beluede vun Elektroautoe Meeschter ze ginn?
2. Bei wéi vill zougeloossenen Elektroautoen gëtt eng kritesch Grenz erreecht oder sinn gréisser infrastrukturell Aarbechten néideg?
3. Wéi wär d'Situatioun zum Beispill, wann 20 Prozent vun den haut zougeloossene Gefierer E-Autoe wären, déi all en eegene „Schnelllader" hätten?
4. Ass geplangt, déi 800 Luetstatiounen uechter d'Land all mat „Schnelllader" ze ekippéieren?
5. Ass beim privaten Installéiere vu „Schnelllader" doheem mat zousätzlechen Ausgaben oder Taxen ze rechnen?
6. Wéi gëtt de Präis fir de néidege Stroum hei berechent? Ass dëse Präis nieft de steierleche Virdeeler beim Kaf vun esou engem Auto subventionéiert oder gëtt do de reelle Stroumpräis verlaangt?
7. Ass d'Regierung wëlles, de Präis fir d'Opluede vun E-Autoen an der Ëffentlechkeet ze reglementéieren (wéi beim Bensin an Diesel) oder bleift de Präis de Bedreiwer vun de Luetstatiounen iwwerlooss?

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique

8. Ass aus Gerechtegkeetsgrënn net och um Stroum fir E-Autoen op mannst eng Akzisesteier fälleg wéi se fir den Dreifstoff vu Verbrennungsmotore gëllt?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten